**Evangelium vum 8. Sonndeg am Joreskrees (Joer C)**

**Lk 6,39-45**

*G. Den Här sief mat iech all.*
*A. An och mat Iech.*
*G. Aus dem hellegen Evangelium nom Lukas.*
*A. Dir all Éier, Här.*

39 De Jesus sot zu senge Jünger:
"Kann e Blannen éiren en anere Blanne féieren?
Falen si dann net allebéid an de Gruef?

40 E Jünger steet net iwwer dem Meeschter.
Jiddereen awer, dee gutt ausgebilt ass,
gëtt ewéi säi Meeschter.

41 Firwat gesäis du d'Spläiter an dengem Brudder sengem A,
ma de Käffer an dengem eegenen A hëls du net an Uecht?
42 Wéi kanns du zu dengem Brudder soen:
'Brudder, looss mech d'Spläiter an dengem A erauszéien',
wann s du de Käffer an dengem eegenen A net gesäis?
Du Schäinhellegen,
zéi fir d'éischt de Käffer aus dengem A eraus,
an da kanns du kucken,
fir d'Spläiter an dengem Brudder sengem A erauszezéien.

43 Et gëtt kee gudde Bam,
dee schlecht Friichten droe géif,
an ëmgedréit gëtt et och kee schlechte Bam,
dee gutt Friichten droe géif.
44 All Bam gëtt un senge Friichten erkannt;
vun Dëschtele pléckt een nämlech keng Figen,
a vun enger Därenheck liest ee keng Drauwen.

45 Dee gudde Mënsch bréngt aus deem gudde Schaz vun sengem Häerz
Guddes ervir,
an dee béise Mënsch bréngt aus deem Béise Béises ervir,
well wouvunner d'Häerz voll ass,
dovunner leeft de Mond iwwer."

*G.* *Evangelium vun eiser Här Jesus Christus.*

*A.* *Dech, Christus, luewe mir.*